


06. Mee 2023 / 65

Wäert Monitricen, Moniteuren,
Stellvertrieder, Assistenten, wäert Kolleegen a Frënn,

**MERCI**, dass dir alleguerten zou sou vill un der AG vum JFA deel geholl huet.

**MERCI**, dass d'Eva Gessner sech nachmol fir de Posten vum Vize-Präsidentin gemellt huet. D'Eva gouf bestätegt a säin Mandat leeft bis den 31.12.2028.

**MERCI**, dass d'Barbara Ferreira Gaspar sech als Sekretärin gemellt huet. D'Barbara gouf bestätegt a säin Mandat leeft bis den 31.12.2028.

Och goufen eisen Tätegkeet- a Keessebericht vun der Versammlung ugeholl. **MERCI**.

Den 03.05.2023 hunn sech den JFA EXE, DPV a INFS-JP nees getraff fir déi nächst Etappen aus ärem Feedback unzegoen. Et gouf geschafft a Saachen Kommunikatioun, Administrativ Weeër a Wäertschätzung. An der nächster Newsletter mei vun deenen ausgeschafften Léisungen resp. Proposen.

**Merci am Numm vum JFA!**

**Wëssenstester: Hei pur Daten fir an ären "Save the Date".**

| Datum | Zone | Wou | Auerzäit |
|---|---|---|---|
| 17.06.2023 (moies) | OSTEN | Junglinster | 09.00 |
| 11.11.2023 (moies) | OSTEN | Consdorf | 09.00 |
| 18.11.2023 (moies) | ZENTRUM | Lintgen | |
| 18.11.2023 (mëttes) | SUDEN | SaDiff | 14:30 |
| ? | NORDEN | | |
| | | | |
| 09.12.2023 | No-Test | Lintgen | |

**De Sprëtzi fir är Porte Ouverte? Wann dir eng Aktivitéit huet a de Sprëtzi soll och do sinn, dann mëllt iech bei eis. (Ausmooss: 4m héich a 2m breet)**









An dëser E-Mail fannt Dir déi nei Newsletter vum CGDIS.
Heimat wëlle mir Iech mat de neisten Informatiounen an engem klengen Iwwerbléck iwwert d'Aktivitéiten vum CGDIS op dem neiste Stand halen.

*De Link zu der Newsletter*: https://gd.lu/3bSgQr

*De Link zu der Newsletter*: https://gd.lu/9T17z4

*De Link zu der Newsletter*: https://gd.lu/1t7p2H

**INFO'EN säitens der DPV (Département des Pompiers volontaires)**

## De Wiessel vum Jugendpompjeeë an den operationelle Volet

Fir Weeër an Zäit vum Wiessel ze verkierzen kennen d'Jugendpompjeeën elo och un de Rekrutéierungsdeeg deelhuelen. Sou kënnen si de Sportstest, déi medezinesch Ënnersichung am STP, an d'Umoossen vun der Asazkleedung souwéi d'Aschreiwen fir hir Coursen (CIC, FIS 1 a SAP 1) an engem hallwen Dag ofzeschléissen. Dësen Dag kann och dovun profitéiert ginn fir nach weider Froen iwwer de Wiessel ze stellen.
D'Kleeder ginn an de jeeweilegen CIS geliwwert.

➔ **Opgepasst: Deelhuelen un der Journée de Recrutement réischt ab 15 Joer an 9 Méint**



### «Rekrutéierungsdeeg» 2023:

Samschdes, 13. Mee (komplett)
Donneschdes, 29. Juni
Samschdes, 29. Juli
Donneschdes, 31. August
Samschdes, 30. September
Donneschdes, 26. Oktober
Samschdes, 25. November
Donneschdes, 14. Dezember

D'Rekrutéierungsdeeg fannen ëmmer am Centre national d'Incendie et de Secours statt.

- **Umellen iwwer:**
  - **Mail: volontariat@cgdis.lu**
  - **Tel.: 49771-2332**

# KONGRESS & REFORM VUN DER POMPJEESFEDERATIOUN:

Den **Samsdeg 13. Mee** fënnt am Centre Culturel zu Mertert de Kongress vum Pompjeesverband statt.
En Vue vun der Reform vum Pompjeesverband gëtt deen Dag a 5 Workshoppen Iddeeën gesammelt.

- Workshop Assurancen
- Workshop Fidelisatioun vum Volontariat
- Workshop Organisatioun FNP (Amicallen - Regiounen - FNP; Kommissiounen)
- Workshop Sport & Concours, Competitiounen
- Workshop Kommunikatioun, Valorisatioun FNP & JFA & APV, Valorisatioun Pompjeeën

D'Presidenten vun den Amicallen, d'Chef CIS, d'Chef GIS an d'Regionalverbänn sinn ugeschriwwe ginn fir dorun deelzehuelen.

**UMELDESCHLUSS: Méindeg 8. Mee, soss gëtt et keen Mëttegiessen!**

Den 1. Juli dëst Joer gëtt de CGDIS 5 Joer al.

5 Joer, an deene vill geschafft gouf, vill Asaz geleescht a vill Krise gemeeschtert goufen. A well an de leschte 5 Joer esou vill geleescht gouf, ass elo de Moment komm, fir eng Kéier eng Paus ze maachen, fir Iech alleguer **Merci** ze soen.

An dofir hu mir eis eppes ganz Besonnesches ausgeduecht!

Sonndes, **den 2. Juli organiséiere mir e grousst Familljefest um Site vun der LuxExpo** um Kierchbierg, op dat Dir alleguer mat Ärer Famill invitéiert sidd!

**Vun 12 Auer un** wäerten do **vill flott Animatiounen a Concert'en** fir Jonk an Aal ugebuede ginn. Den Highlight ass dann **um 18 Auer e Concert vun enger bekannter däitscher Band**.

Den obligatoresche **Gebuertsdagskuch** däerf natierlech och net feelen.

Natierlech hu mir och den 2. Juli eis Missiounen ze erfëllen a **mussen asazbereet bleiwe** fir am Noutfall schnell Hëllef leeschten ze kënnen.

Eis ass bewosst, datt dofir net jidderee wäert kënnen op de Kierchbierg kommen. Dofir hu mir Weeër gesicht wéi **och déi Leit, déi deen Dag Déngscht maache mussen, vun dëser Gebuertsdagsfeier profitéiere kënnen**.

**D'LuxExpo ass Sonndes den 2. Juli d' «Place to be». Markéiert och Dir Iech deen Dag ab haut an Ärem Kalenner!**

**De Chef de corps Paul Schroeder**

**Directeur général**

# Flott Aktiounen aus der Jugendaarbecht:

Le samedi 01 avril 2023, les Jeunes Sapeurs-Pompiers de Yutz sont allés en visite au sein du Centre d'Incendie et de Secours Roeserbann (CISRO) au Luxembourg.



Au programme :

- Présentation de la journée et du cursus de formation des JSP luxembourgeois et français ;
- Visite de la caserne et du matériel du CISRO;
- Cours en commun des deux sections sur les extincteurs suivi de démonstrations ;
- Pause déjeuner ;
- Manœuvres en binôme mixte franco-luxembourgeois (établissements de lance, mise en place d'une citerne souple de 5000L, mise en aspiration de l'engin pompe) ;
- Présentation du véhicule « WLF » (cellule électro-ventilation)

Depuis 2018, les deux sections entretiennent des relations d'échange transfrontalier. Suite à la crise sanitaire de 2019, ces échanges ont dû être mis en « stand-by ». Cette journée a permis de nous retrouver. Nous remercions l'accueil chaleureux du chef de centre du CISRO, de la responsable de la section des JSP, de son adjoint, de ses animateurs ainsi que de leurs JSP. Ces échanges vont pouvoir se répéter dans le futur grâce à la signature d'un jumelage entre nos deux sections au mois de juin.



← Centre d'Incendie et de Secours Schifflange - CIS Schifflange
De 25.03.2023 hunn 17 Jugendpompjeeën a 5 Jugendleeder vum CIS Schëffleng mat gehollef hier Gemeng propper ze halen.

→



*Jugendpompjeeën Reiden*
Als Jugendübung hunn mir bei der Grousser Botz zu Reiden deelgeholl hunn wou mir duerch den Besch gaangen sinn vir Dreck opzeraafen.
Duerno hunn mir nach eist Gefier gebotz woumadder mir op Platz gefuer sinn.
Unschleissend hunn mir nach eppes klenges vun der Gemeng ziessen kritt.




*Centre d'Incendie et de Secours Bourscheid*

Et war elo laang roueg, mee et geht et lass!!!! Noteiert iech den 09.05.2023!!!! Vun 10 Bis 18 Auer! Bourscheid Castle, the place to be mat der Amicale vum CIS Bourscheid!!!! Freet iech ob en flotten Daag!!!

Een Decke Merci un eis Sponsoren, dei eis ermeiglechen, desen Daag zu organiseieren! Meld iech un! Kommt bis laanscht! Entweder mam Bus 134 direkt via Mechela bei d'Schlass, oder mat der Line 135 Ettelbreck-Bourscheid, an dann mat der gratis Navette ob d'Schlass!



*Pompiers centre d'incendie et de secours Kopstal*

Gemeinsam Übung:

Eis Jugendpompjeeën haten d'Geleeënheet mat deenen "Groussen" operationellen Pompjeeën un enger gemeinsamer Übung deelzehuelen.
Si hunn sech gutt geschloen.
Eng flott Erfarung fir jidfereen.
Des Form vun Übung wärten mir reegelméisseg widderhuelen.

*Centre d'Incendie et de Secours Rambrouch*



Jugendpompjee-News
E Samschdig 22.04.2023 haten sech 7 Jugendpompjeeën op de Wee an de Centre d'Incendie et de Secours Weiswampach gemaach fir de Bronze-Wëssenstest vun de Lëtzebuerger Jugendpompjeeën schreiwen ze goen.



Um Sonndig goung et dunn direkt weider mat enger Jugendübung um Riesenhaff. Dës Kéier haten sech déi zwou Gruppen zesumme getraff fir ze üben. No e bëssi Foussdingscht stoung souwuel d'Unfallverhütung, souwéi d'Thema Wasserförderung über lange Wegstrecken, um Programm.



*Jugendpompjeeën CIS-Lintgen*



Haut haaten mir een groussen Programm
Den Moien hunn mir mat der Jugend vun Béiwen, Tënten & Feelen fir den Wettkampf traineiert.
Hei waren 8 Jonker vun eis vertrueden.



No enger klenger Mëttespaus sinn mir dunn op Koler an den Kinoler gefuer, hei haat den CGDIS - Corps grand-ducal d'incendie et de secours eis op een Filmnomëtteg inviteiert am Kader vun den Kannerrechter am CGDIS.
Mir soen MERCI fir deen scheinen Film an den , eis huet et super gefall.
Hei waren 11 Jonker mat, deels dei selwecht wei moies schon.
Dem CIS Lorentzweiler soen mir och MERCI fir deen zweeten MTW.

**RONDEREM DEN 1TEN MEE** 😊










*Jugendpompjeeën Reiden*


Gudden moien mir haaten een unstrengenden week-end wou mir ungefaang hunn mat der Eiweihung vum eisem Cis wou mir och mat der Jugend zu zahlreich vertueden waren.

Den Daag duerno haaten mir eis Porte Ouverte wou mir Aufgab kritt hunn 2 Übungen mat der Jugend ze maachen, lass ass et gaangen mat engem Läschungreff duerno mat engem Trauma.

Do waren mir och mat eiser Jugend gudd vertrueden an wou Kanner och vill Spass haaten dofir soen mir als Jugendleederteam hinnen een groussen merci waat Kanner do geleescht hunn too geschafft.






Luxembourg
Museum Days 2023
powered by
enovos
20 &
21.05
10:00 – 18:00
free entry
HOP
HOP
an de musée
luxembourgmuseumdays.lu
Organisation
ICOM
With the support of
LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture
Programme
& informations





# WESSENSTEST BEI DE JUGENDPOMPJEEËN:

Wat gëtt bei eis getest a welch Kategorie gëtt mëndlech of gefrot 😊

| **Thema FIS I.1** | Punkte Bronze | |
|---|---|---|
| Trink- und Löschwasserversorgung | | |
| Wasserführende Armaturen & Schlauchkunde & Saugleitung | | |
| Fahrzeugkunde | | |
| Fußdienst (mündlich) | | |
| Umgang mit Funkgeräten (Teil1) (mündlich) | | |
| Leinen, Knoten und Anschlagmethoden (Teil1) (mündlich) | | |
| **Total Bronze →** | | |
| **Thema FIS I.2** | | Punkte Silber |
| Brennen und Löschen | | |
| Gefahren an der Einsatzstelle und Unfallverhütung | | |
| Löschlehre Schaum | | |
| Umgang mit Funkgeräten (Teil2) (mündlich) | | |
| Leinen, Knoten und Anschlagmethoden (Teil2) (mündlich) | | |
| | **Total Silber →** | |



https://www.jugendpompjeeen.lu/wp-content/uploads/2023/01/202301_Antrag-zur-Teilnahme-am-Wissenstest-K5_5.pdf

## LEINEN

### RETTUNGSLEINEN:

Die Rettungsleine ist eine für besondere Zwecke der Einsatzkräfte hergestellte Leine. Sie dient den Rettungskräften zur Rettung von Personen, Selbstrettung und Eigensicherung, sowie dem Transport und der Sicherung von Gerätschaften.
Die Rettungsleine ist keine Absturzsicherung.

Der Durchmesser beträgt **10 mm** (+1 -0 mm Toleranz, das heißt der Durchmesser darf maximal 11 mm betragen, darf aber keinesfalls unter 10 mm liegen).
Ihr Gewicht beträgt maximal 2,5 kg bei einer Länge von **30m**.

### MEHRZWECKLEINE:

**Mehrzweckleinen dürfen nicht zum Halten, Ableinen oder Hochziehen schwebender Gegenstände verwendet werden.**
Mehrzweckleinen, die eigens für diesen Zweck produziert werden, müssen **rot** sein. Ausgemusterte Rettungsleinen müssen an beiden Enden auf mindestens 1 m Länge dauerhaft rot gekennzeichnet werden.
Die Mehrzweckleine muss einen **Durchmesser von mindestens 10 mm und eine Länge von 20 m** haben, sowie eine Mindest-Höchstzugkraft von 7 kN haben.

## MASTWURF:

Der Mastwurf wird verwendet:

- zur schnellen Fixierung an Karabinern und Anschlagpunkten,
- zur Befestigung von Leinen und Seilen an Konstruktionsteilen,
- zum Befestigen der Ventilleine am vorgesehenen Anschlagpunkt,
- zur Sicherung des Auszugseils der Schiebeleiter

Er ist durch einen Sicherungsknoten zu sichern, es sei denn, das austretende Seilende geht in eine nächste feste Verbindung.

## HMS – HALBMASTWURF-SICHERUN:

Der HMS-Knoten ist ein Bremsknoten und dient zur dynamischen Sicherung. Er erzeugt durch Umlenkung und Reibung mehr Kontrolle über die Geschwindigkeit des Seildurchlaufes.

Die HMS wird z.B. verwendet zum Abseilen von Lasten oder zur Fremdsicherung beim Abseilen in der Rettung.

Er sollte nur mit HMS-Karabiner verwendet werden.

## ACHTERKNOTEN (einfach / doppelt):

Der Achterknoten wird verwendet als:

- Anschlagknoten
- Verankerungsknoten am Karabiner
- Befestigungsknoten am Arbeits-, Rettungsgurt
- Endknoten (Stop-Knoten zur Sicherung gegen Durchlaufen des Seils)
- Kennzeichnung zur Aussonderung
- verhindert das Auseinanderfallen der Bindung oder das Ausfransen eines Seils

Der Achterknoten gilt als stabil und sicher, wenn sauber geknotet!

Jeder **Befestigungsknoten in der Absturzsicherung** ist mit einem Sicherungsknoten (Einfacher Knoten) zu sichern!

## ZIMMERMANNSKNOTEN:

Der Zimmermannsknoten dient zur Befestigung der Leine an Balken und Konstruktionsteilen. Der Knoten hält nur auf Zug.

## HALBSCHLAG:

Der Halbschlag gehört zu den weit verbreiteten Knoten zum Festmachen, ist aber eher ein provisorischer Knoten, der aus einem einzelnen Schlag um die bestehende Partie eines anderen Schlags gebunden wird.

## SPIERENSTICHSICHERUNG:

Dient als Standard-Sicherungsknoten gegen unbeabsichtigtes Öffnen oder Lösen von Anschlag- und Einbindeknoten.

**Die Sicherung sollte so dicht wie möglich hinter dem zu sichernden Knoten gesetzt werden und mindestens das 10-fache des Seildurchmessers ist als freies Ende zu belassen.**

**Mir probéieren alleguerten Är Wënsch mat anzebannen ☺!**
**Well Dir eis Newsletter'en bestellen oder ofbestellen, da sot eis Bescheed.**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068